
# Newsletter

**11-2023**




Den 10. November konnte mir eng gelongen Aweiung vun eiser 1. PV-Anlag zu Munneref feieren. Vill Kooperateuren an Éieregäscht haten sech trotz villem Reen deplacéiert fir mat de Membere vum Verwaltungsrot dës Anlag symbolesch un d'Stroumnetz unzeschléissen. Op dëser Plaz nach emol e grousse Merci un all d'Acteuren déi um Projet Boulodrome bedeelegt waren a sinn.

Zënter August hu mir scho 7000 KWh elektresch Energie produzéiert, dat entsprécht dem Verbrauch vun 1,5 Haushalter mat 4 Persounen.




**Leider musse mir déi geplangte Reunioun zu Duelem annuléieren.**
Ee Projet an dee mir vill Zäit an Aarbecht gestach hunn, ass vu Gemengesäit fir d'éischt emol op Äis geluecht gi. Duerfir schaffe mer elo un anere Projeten an anere Gemenge weider. Detailer kommen dann an enger spéiderer Reunioun.



**Sidd dir nach op der Sich no engem Kaddo fir d'Feierdeeg?**
Ma da schenkt äre Léifsten e puer Parte vun der Energiekooperativ! Dir kënnt Iech zu jidder Zäit op eiser Internet Säit ekr.lu aschreiwe fir Parten unzefroen esou dat mir all zesumme méi schnell bei der Energietransitioun viru kommen.

EKR.lu

Energiekooperativ Kanton Remich 1, Place des Villes Jumelées L-5627 Mondorf-les-bains

Share on social

Email schreiwen

This email was created with Wix. Discover More